N°5891
Reçue le 07.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 07.03.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

D'Pandemie huet de Personalmangel an der Educatioun nach méi akut an dofir méi siichtbar gemaach, mee och scho virdru war de Schoulbetrib ouni Chargéë mat Joreskontrakt oder „Contrat à durée indéterminée" ondenkbar.

Am dësem Kontext wéilt ech folgend Froe mat Fokus op de postprimären Unterrecht un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht stellen :

- Wéi vill Prozent vun de Schoulstonnen am Enseignement secondaire „classique" a „général", an der Beruffsausbildung, am Enseignement spécialisé an an der Erwuessenebildung ginn aktuell vu Chargéë gehalen ?
- Wéi vill Chargéë kommen aktuell a Fro, fir fonctionariséiert ze ginn ?
- Wat sinn d'Modalitéite vun der Fonctionarisatioun vu Chargéën?
- Wéi vill hunn der hir Fonctionarisatioun ugefrot?
- Wéi vill sinn der scho fonctionariséiert ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir d'Fonction publique, Marc Hansen, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5891 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

**Ad 1)**

Am Enseignement secondaire classique a général ginn aktuell 28,9 % vun de Schoulstonne vu Chargéë gehalen. An der Beruffsausbildung sinn et 26,51 %, am Enseignement spécialisé (Centres de compétences) 7,01 % an an der Erwuessenebildung 57,26 %. Am Institut national des langues (INL) sinn et 80,1 % an an der Formation des adultes (SFA) 85 %.

**Ad 2)**

Baséierend op dem Critère, datt ee mindestens 15 Joer beim Staat muss geschafft hunn, kéimen am Enseignement secondaire 364, an de Centres de compétences 8, am INL 33, am SFA 22 an an der Formation professionnelle (SFP) 29 Chargéen a Fro.

**Ad 3)**

Nieft den Dispositiounen, déi den Artikel 80 vum modifizéierte Gesetz vum 16. Abrëll 1979 *fixant le statut général des fonctionnaires de l'État* virgesäit, sollen d'Modalitéite fir d'Employéen aus dem Sous-groupe Enseignement duerch de Projet de loi n° 7894 an dat modifizéiert Gesetz vum 30. Juli 2015 *portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale* (IFEN) ageschriwwe ginn.

Vu datt et kee Promotiounsexamen an der Enseignantscarrière gëtt, mussen d'Chargéen den Examen de fin de stage vum Professer maachen. Dësen ass ugeluecht op ee Joer a gëtt vum IFEN organiséiert. Ier d'Chargéen aus dem Enseignement secondaire kënnen um Examen de fin de stage deelhuelen, musse si d'Épreuves préliminaires duerchlafen, déi hir Sproochekenntnisser iwwerpréiwen. Hei kënnen awer verschidden Dispensen ënnert anerem op Basis vun Diplomer accordéiert ginn.

Den Examen de fin de stage selwer muss an der respektiv den Disziplinne vum Kandidat ofgeluecht ginn a besteet aus engem Examen an der Legislatioun an enger praktescher Epreuve.

Fir den Agent deen an der Voie de préparation schafft gëtt déi praktesch Epreuve ersat duerch e Bilan iwwert déi didaktesch a pedagogesch Kompetenzen.

**Ad 4)**

Zum jëtzegen Zäitpunkt si 17 Demandë vun Agenten aus dem Enseignement secondaire am Suspens.

**Ad 5)**

Bis ewell goufen 13 Chargéen aus dem Enseignement secondaire nom Artikel 80 an dem Groussherzogleche Reglement vum 29. August 2017 iwwert d'Fonctionnarisatioun vun den Employéen aus dem Sous-groupe Enseignement fonctionnariséiert.

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH